ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 11. Mäerz 2020

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Déi vun der Regierung gefërdert Elektromobilitéit féiert logescherweis zu engem héije Stroumverbrauch. Am Hibléck op eng nohalteg Ëmweltpolitik spillt et sécherlech och eng Roll, wou dëse Stroum aktuell hierkënnt.

An dësem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Prozent vum Stroum, deen an d'Lëtzebuerger Netz agespeist gëtt, staamt aus nuklearen Energiequellen?
2. Wéi vill Prozent vum Stroum, deen an d'Lëtzebuerger Netz agespeist gëtt, staamt aus hydroelektresche Quellen?
3. Wéi vill Prozent vum Stroum, deen an d'Lëtzebuerger Netz agespeist gëtt, staamt aus Bio-Mass-Quellen?
4. Wéi vill Prozent vum Stroum, deen an d'Lëtzebuerger Netz agespeist gëtt, staamt aus Kuelekraaftwierker?
5. Wéi vill Prozent vum Stroum, deen an d'Lëtzebuerger Netz agespeist gëtt, staamt aus Gasverbrennungsanlagen?
6. Wéi vill Prozent vum Stroum, deen an d'Lëtzebuerger Netz agespeist gëtt, staamt aus erneierbaren Energiequellen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten